N°812
Entrée le 29.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.05.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

Mir haten nogefrot, wat de Bau vun enger erschwénglecher Wunneng bei der SNHBM géif kaschten a kruten an der Äntwert op eis Fro n°390 d'Äntwert, dass den duerchschnëttleche Baupräis pro m2 Wunnfläch fir d'SNHBM an dem Fonds du Logement bei ronn 5.300 € géif leien.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi héich ass de m2-Baupräis fir d'Wunnengen, déi de Staat dëst an d'lescht Joer am Kader vum Opkaf vu VEFA-Projeten akaf huet (Wunnengen, fir déi den Acte de Vente schonn ënerschriwwen ass)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten